# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



7. Dezember 2002: De russesche Gesandten, Seng Exzellenz Youri Kapralov léet Blummen nidder bei der éiweger Flaam um Kanounenhiwel, zesumme mat de Komeroden vum 7. Dezember 1945

6 2002
Décembre
42e année

**La Fédération des enrôlés de force, Victimes du Nazisme**

a l'honneur d'inviter aux

## CÉRÉMONIES EN SOUVENIR DU MASSACRE,

**exécuté par un commando SS aux 91 jeunes victimes luxembourgeoises enrôlées de force, dans la nuit du 30 au 31 janvier 1945 à Sonnenburg (act. Slonsk en Pologne).**

### Programme des cérémonies
### Le jeudi 30 janvier 2003

### Première partie de la veillée traditionnelle

18.00 heures au «Kanounenhiwwel»

Les porte-drapeaux s'installeront derrière la Flamme

Dépôt de fleurs

Sonnerie aux morts

Hymne national

4. Chanson «Eise gefalen a vermësste Jongen zum Gedenken»
5. Présentation du vidéo sur Slonsk
6. Minute de silence
7. Prières religieuses prononcées par le chanoine André Heiderscheid
8. Chanson «Un ons Jongen»
9. Hymne national (deux strophes)

### Deuxième partie

18.15 heures dans la crypte de la Cathédrale

1. Les porte-drapeaux s'installeront dans le choeur
2. Allumage de 91 cierges symbolisant les 91 victimes
3. Le secrétaire Jim Bolmer prononcera la bienvenue

N.B.: Les chansons sub 4 et 8 seront exécutées par les membres de notre chorale et des associés. La sonnerie aux morts par les clairons d'honneur Johny Schmidt et Edmond Faber.

Les membres de la chorale sont priés de se réunir à 17.30 heures dans la crypte de la Cathédrale pour une dernière épreuve.

Nous remercions de votre bienveillance.

# Wichtige Mittleiung!

Auf Grund der Bestimmungen der „Fondation d'aide et assistance aux personnes âgées" wird den Personen, welche besonderen Leiden im Zweiten Weltkrieg ausgesetzt waren, vorrangig die Aufnahme in ein Pflegeheim bzw. das Belegen eines Pflegebettes gewährt.

Es wird daran erinnert, dass die Föderation der Zwangsrekrutierten in der vorgenannten „Fondation" vertreten ist, und zwar durch folgende Mitglieder: Madame Josée Reeff, die Herren Gaston Junck, Nicolas Champagne und Jules Steffen. Da Madame Josée Reeff krankheitshalber vorläufig nicht zur Verfügung steht, tritt an ihre Stelle das Föderationsmitglied Emile Gruber.

Alle in Frage kommenden Personen (Zwangsrekrutierte – Mann oder Frau – oder deren Ehepartner), die einen Anspruch auf die Aufnahme in ein Pflegeheim erheben, müssen als erstes einen Antrag auf Pflegeversicherung stellen („Cellule d'évaluation et d'orientation", 125, route d'Esch, L-2974 Luxembourg, Tel. 478 60 60).

Anschließend wird seitens der Föderation der Antrag auf prioritäre (vorrangige) Unterbringung in ein Pflegeheim gestellt. Hierzu ist eine Bescheinigung über die Zwangseinziehung in den RAD oder in die Wehrmacht erforderlich. Zu beantragen bei der Wohngemeinde während des Krieges oder beim Service des Dommages de Guerre Corporels, 90, bd de la Pétrusse, L-2320 Luxembourg, Tel. 478 55 43. Dieselbe schickt man an Emile Gruber.

Ist die Unterbringung in ein „Altersheim" (Centre intégré) erwünscht, kann der Antrag auf vorrangige Behandlung sofort mittels der Bescheinigung über die Zwangsrekrutierung über Emile Gruber eingereicht werden.

Für alle weiteren Auskünfte steht Emile Gruber, 14A, rue de Diekirch, L-7440 Lintgen, Tel. 32 60 22 zur Verfügung.



### SEKTIOUN GREIWEMACHER

AACHTEN-GORGES M. Mme, Gréiwemacher
ALBERT-HOFFMANN Mme, Miechtem
BASTIAN-STEICHEN P. & Mme, Gréiwemacher
BEFORT-LENTZ J.-P. & Mme, Gréiwemacher
BIWER-COLBACH Joseph Mme, Uewerdonven
BUSCHMANN-HOFFMANN & Mme, Gréiwemacher
DEBROEK-THEIS Christine Mme, Bréissel
DOHM-SAUBER Roger Mme, Gréiwemacher
FABER-WIES Mathilde Mme, Gréiwemacher
FISCHER Jean & Mme, Uewerdonven
FUSENIG-HELFEN Lily Mme, Gréiwemacher
GEORGES-PUTZ Marcel & Mme, Gréiwemacher
HEIN-SCHOMER Eurgène Mme, Miechtem
HERBER-WAGNER M. Mme, Gréiwemacher
HOCHWEILER-GEHLHAUSEN Mme, Gréiwemacher
JAGER-BERENS Paul, Gréiwemacher
KAYSER-LUGEN Marcel & Mme, Gréiwemacher
LENTZ-SCHOU Léonie Mme, Gréiwemacher
MAY-STEINMETZ Denis, Gréiwemacher
MULLER-MORITZ Christine Mme, Gréiwemacher
MULLER-SCHNEIDER F. & Mme, Miechtem
PAULUS-HERTZIG Théid, Gréiwemacher
REDING Adolphe, Menjecker
REULAND-SCHOCK M. Mme, Gréiwemacher
RIES Antoine Mme, Nidderdonven
SCHMIT Anny Mlle, Gréiwemacher
SCHUSTER-HIERONYMUS, Gréiwemacher
SCHWIRTZ Emile, Hiefenech
SERTZNIG René, Gréiwemacher
STEFFEN-WEISEN Mme, Gréiwemacher
STRENG-MODERT Will, Gréiwemacher
THIEL-WEYER Louis Mme, Manternach
WELSCH-POOS Triny Mme, Gréiwemacher
WEYER-FUNCK A., Gréiwemacher
WOLTER René Dr. Lëtzebuerg

# Getäuscht wéi ni, enttäuscht wéi ni

Déi Al a speziell ons Generatioun, gouwe getäuscht vun de Politiker, a sinn enttäuscht iwwert d'politesch Parteien.

Et geet net eleng duer, wann d'Bierger all 5 Joer musse stëmme goen, fir duerno an de Wanterschlof plongéiert ze ginn. Demokratie ass, wann d'Bierger permanent un all wichtegen Entscheedungen deelhuelen dierfen.

D'Schwäiz ass dat eenzegt europäescht Land, wou dem Vollek säi Matsproocherecht duerch Referendume garantéiert gëtt.

Demokratie kréie mir net geschenkt, déi muss och demokratesch erkämpft ginn, duerfir musse mir all demokratesch gesënnt Parteien, déi fir ee Referendum sinn, stëmmen an deenen diktatoresche Parteien d'rout Kaart weisen.

### CHRONOLOGESCH EE PUER PARTEIDIKTATORESCH POLITESCH ENTSCHEEDUNGEN:

D'Diskriminatioune vun de „Jeunesses Sacrifiées" an dem berühmte Putsch vum 2. August 1946 brauch ee net weider ervirzehiewen, d'ganz Natioun kennt dës Trauerspiller, déijéineg, déi se nach net kennen, sollen déi Diddelenger Expo vun den Zwangsrekrutéierte besichen.

An engem Bréif vum 19. November 1951, Aktenzeeche 5.15-10h II 13598/51, huet de Bundeskanzler Adenauer beim Justizminister Bodson ëm Erbaarme fir den SS-Obersturmbannführer gebiedelt.

1947 waren nach 123 däitsch Krichsverbriecher am Prisong, 1951 waren et nach 14. D'Fräiheet fir sämtlech nazistesch Krichsverbriecher koum 1953, a fir den zum Doud veruerteelte Gestapochef Fritz Hartmann komm dës Fräiheet 1957.

Dat war klassesch Parteidiktatur, mat Arroganz, Polemik an Iwwerhieflechkeet, ewell nëmmen eis Groussherzogin war laut Verfassung berechtegt ze amnestéiren.

1991 d'Äntwert vum Aussenminister Jacques Poos op eng parlamentaresch Ufro vum Komerod an Députéierten Ed. Juncker un d'Lëtzebuerger Regierung op d'Reparatiounsfuerderungen un Däitschland, verschëllt duerch d'Nazien. Lëtzebuerg verzichtet op d'Reparatiounsfuerderungen un Däitschland. Ouni d'Vollek ze froen.

1991 dat antisozialt Steiergesetz, dat ënnert der Regie vun CSV an LSAP, déi Al, d.h. déi pensionéiert Witfraen a Witmänner mat oder ouni Kanner an eng sou genannte Jonggeselle-Steierklass deklasséiert hunn. Déi rout Kaart fir diktatoresch Parteien.

1992 d'Matdeelung an d'Aféierung vum Maastrichter Vertrag, duerno de Schengener Vertrag, am Volleksmond de Mafiosevertrag, vu Parteien diktéiert. Net mir soten et: C.G.F.P. Quo vadis, Luxembourg?

L'ouverture des frontières, aussi son sillon, l'immigration clandestine, l'insécurité, la criminalité organisée voir le terrorisme. – L'immigration effrenée fera le reste, si rien n'est fait pour canaliser d'un côté ces flux et de l'autre pour garder la croissance sous contrôle.

### A MIR MUSSE WEIDER SCHLÉCKEN

November 2002: Bislang 42 Zwangsarbeiter entschädigt. Die OIM-Mitarbeiterin bedauert, dass luxemburgische Zwangsarbeiter aus der Industrie oder Landwirtschaft keine Entschädigung erhalten. Grund dafür sei die von der Stiftung festgelegte Klausel, d.h. dass die Arbeit unter besonders schweren, d.h. gefängnisähnlichen Lebensbedingungen verrichtet sein musste.

K.H.D. an R.A.D. – D'Meedercher hunn net fräiwëlleg, mä gezwongen a Fabriken, beim Bauer asw. Sklavenaarbecht verriicht, sinn dat keng prisongsähnlech Konditiounen.

D'Lëtzebuerger Jongen am R.A.D., sief dat a Polen asw. beim Stroossebau an de Griewer, 20 Mann mat dem Spuet an enger Rei, bewaacht vu fanatesche Vormänner, verriichten Sklavenaarbechte mat Kommando, Stich-Hub-Wurf, an dat bis zum Ëmfalen.

Ënnert wat fir Liewensbedéngunge falen dës Aarbechten am R.A.D.?

Eis Äntwert heescht Diskriminatiounsklausel.

Verschidde Parteie wëllen ouni d'Vollek ze froen den zweete Pass an domat d'duebel Nationalitéit aféieren. 1941 hunn d'Lëtzebuerger 3x Lëtzebuergesch gestëmmt, well ee kengen zwee Hären déinge kann.

Eis d'Land steet iwwert all Partei, a mir stinn hannert onsem Land.

Konklusioun: Fir ons Generatioune stong a steet d'Land nach ëmmer virun de Parteien, no enger Emfro bei 280 Jugendleche sinn 99,99 % eiser Meenong, duerfir wär et un der Zäit, dem Grand-Duc déi poletisch Responsabilitéit ze iwwerdroen, wéi si a Frankräich de President huet, an dat demokratesch, duerch ee Referendum.

**Jos. Benoit,**
***Sekretär vun der Sektioun Diddeleng***

## Den neie Fändel zu Diddeleng (Schlusslëscht)

**GIEDELEN A PÄTTEREN**

**Zwangsrekrutéiert a Survivants**
M. Gauthier Emile
Mme Hansen Anita
M. Schuller Nic. †

**Giedelen a Pätteren, Nokommen vun den Zwangsrekrutéierten**
Gauthier Gisèle
Mme Michaux-Hansen Renée,
M. Michaux Nico
M. Schuller Nic
M. Schuller Lee

**Comité d'honneur**
Berend-Igniti Eugène
Gauthier Emile
Mme Stoffel-Kries Sophie
Mme Jost-Igniti Maria

**Comité des donateurs**
Kettel Louis



# Eng eemoleg Impressioun

De leschten 3. Oktober hat ech d'Gelegenheet mat der Réimecher Sektioun vun den Enrôlés de Force de Mémorial de la Déportation zou Hollerech ze besichtegen.

Iwregens huet déi Réimecher Sektioun mat engem neie Komitee een neie Start geholl. Si wëlle sech weider, wéi och de Komitee vu virdrun, fir all Komerodinnen a Komeroden aus dem II. Weltkrich asetzen, hinnen all Respekt entgéint brengen a versichen d'Erënnerung u si all waach ze halen.

An elo neess zréck op Hollerech.

Ech hu mir hei all déi Photoen an Dokumenter vun de Famillje gutt ugekuckt. Och een oder deen anere Bréif méi genau durchgelies. Ech hunn de Courage bewonnert, mat deem dës Bréiwer, an et ware villäicht déi lescht, un hir Elteren oder Famille geschriwwe gi sinn. All Respekt.

Wéi ech du selwer emol eleng war, hunn ech mech higesat a mir folgend Fro gestallt. Wat huet deemols däi Papp an däi Brudder geduecht an ëmfont, wéi si hei durch dës Dier op de Quai erausgaange si fir an den Ëmsiedlungszuch ze klammen? Deemols war ech Refraktär.

Hu si dru gegleeft nach emol heem ze kommen? Konnte si unhuele mech nach erëmzegesinn? Oder wat ass an hirem Kapp virgaangen?

No dem Krich, wéi mir all Gott sei Dank, och mäin anere Brudder, aus dem K.Z. doheem waren, ass ni iwwert dës Fro geschwat ginn.

Mee Eent hunn ech den Dag ëmfond a gespiert. Dëse Schratt zur Dier eraus op de Quai war e Gang fir dech, fir d'Fräiheet vum Land an der Heemecht. Et war e Schratt am feste Vertrauen a Maria der Trëschterin vu Lëtzebuerg. Si hu gegleeft: Mir ginn nees e fräit Lëtzebuerg.

Ech hunn dunn hinne merci gesot an alle Lëtzebuerger Familljen, déi vun Hollerech aus fortgeféiert gi sinn. Dëse Merci ass awer och e Verspriechen, si all net ze vergiessen.

Haut si mäi Papp a meng Bridder an der Eiwegkeet. Ech hoffen, datt si hei hir Belounong kritt hunn.

Mat dëse puer perséinleche Gedanke wënschen ech alle Visiteure vum Musée, deenen ze gedenken déi hei an d'Emsidlong gaange sinn. Denkt all drun: Déi Hollerecher Garerdier war e Gang aus der Fräiheet a schwéier Zäiten. Et war awer och e Gang, deen zou enger neier Fräiheet geféiert huet.

Merci all deenen, déi sech fir dëse Musée asetzen an engagéiere mat dem President.

Wësse mir nach haut, wat mir hinnen ze verdanken hunn?

Weess is heiteg Generatioun, wat fir en Ierfstéck hinnen hannerlooss ass?

Hoffentlech gëtt ni dës Hollerecher Gare ofgerappt.

Wat dat bedeite géif, kann ech mir schlecht virstellen.

Eng Visite zou Hollerech bleift et derwäert.

### SYMBOL DES UNRECHTS UND DER MAHNUNG

# Vom Bahnhof zur Gedenkstätte



Am vergangenen 12. September besuchte eine Delegation der Exekutive des Landesverbandes die Gedenkstätte der Verschleppung und des Leidensweges vieler Luxemburger, das „Mémorial de la Déportation", welches im ehemaligen Bahnhof Luxemburg-Hollerich errichtet wurde.

Am 29. Mai 1996 eröffnet, erinnert eine beeindruckende Ausstellung an das Schicksal der Menschen, die während des Zweiten Weltkrieges von den deutschen Besatzern in die Wehrmacht zwangsverpflichtet wurden oder welche ihre Heimat verlassen mussten und zur Umsiedlung gezwungen wurden.

Ebenfalls an den Leidensweg und die Opfer der Luxemburger Juden wird in Bild und Text ausführlich erinnert.

Es war Verbandskollege Änder Hohengarten, assistiert von Frau Madeleine Reinert, welcher es sich nicht nehmen ließ, die Kollegen des Landesverbandes ausführlich ins Thema einzuführen und, nach dem Abspielen des Films „D'Shoah zou Lëtzebuerg", durch die Ausstellung zu begleiten und die nötigen Erklärungen zu geben.

Das „Mémorial de la Déportation" ist donnerstags von 14.30 bis 17.30 Uhr geöffnet. Gruppenbesuche sind auch außerhalb dieser Zeiten möglich, dies durch vorherige Anmeldung über Telephon Nr. 35 00 14 oder 48 32 32.

Etwaige Spenden zum Ausbau und zur Erhaltung des Museums werden gerne entgegen genommen (CCP 44900-86).

**Jean Reuter**

# Bech: Konveniat vun de Jonge vu Peenemünde

De 5. Oktober, bal genau 60 Joer nodeem 236 Lëtzebuerger Jonge vun Hollerech aus op d'Insel Usedom gefouert goufen, hunn d'Peenemünder Jongen, déi haut awer all hir 80 um Bockel hunn, hire Konveniat zu Bech gefeiert. Dëse Konveniat war organiséiert gi vum Komerod Fons Niederweis.

Den Dag huet ugefaang mat enger Mass, gehale vum Här Paschtouer Carlo Morbach, deen a senger Usprooch un déi Ploën, Schrecken, Affer an dat onendlecht Leed erënnert huet, dat déi Generatioun an d'Lëtzebuerger Land vun 1940 bis 1945 matgemeet huet. Um Ducksall huet de Chouer ënnert hirem Dirigent, dem Här Schreiner, an op der Uergel den Här Stutz, mat stëmmegem Gesank a villen Einlagen dës Mass verschéinert.

Op der Kierchentrap as dunn d'Erënnerungsfoto geschoss ginn. Hei mierkt een, datt vun deenen 236 Jongen nëmme méi 17 Häre „présent" geruff hunn. Hir Reie ginn opgefëllt vun den Dammen an de Witfrae vun de Peenemünder.

Beim Monument aux Morts sinn ënner de Kläng vun der Sonnerie Blummen deponéiert ginn. Et ass un déi geduecht ginn, déi gefalen, vermësst an an der Zwëschenzäit verstuerwe sinn. Zemol dëst Joer si sechs Komeroden, déi ëmmer dobäi waren, an d'Eiwegkeet afgaangen.

Am Centre culturel gouf de Grupp vum Här Buergermeeschter Marcel Niederweis an den Häre Conseilleren Marcel Pettinger an Edmond Schintgen empfaangen. Den Här Buergermeeschter huet hinnen dat schéint Duerf an d'Gemeng Bech, déi vum Geyeschhaff bis an de Blummendall reecht, auserneegedon. Interessant, hie kennt di Becher, well hien ass lo scho bal 20 Joer Buergermeeschter.

De Präsident Vic Fischbach hat viru Joren ugeholl, datt d'Mënschheet eppes aus de Grausamkeete vum leschte Weltkrich geléiert hätt. O neen, haut aas dat grausaamt Spill mat de Waffe rëm richteg am Gaang, iwwerall op der Welt gëtt gemuert, onschëlleg Leit gi vu Fanatiker an d'Luucht gesprengt, am Noen Osten tickt eng Bomm, déi méi geféierlech ass wéi eng Atombomm. Och hei am Land soll ee sech virun heemleche Fanatiker, déi sech momentan nach schäinhelleg ginn, an Uecht huelen. D'Land soll och nit vergiessen, wat aner sou liicht man, wat d'Amerikaner fir eis Fräiheet geleescht hunn.


Am Restaurant Steinmetz huet e gudde Menu op d'Peenemünder gewaart. D'Finanze sinn nach gesond. De Comité gouf dëst Joer duerch zwee Stierffäll zwar staark reduzéiert, mee kee Kandidat huet sech gemellt, sou datt de Comité lo mat fënnef Leit virufeiert. Wou deen nächste Konveniat gefeiert gëtt, steet nach nit fest; ët kann een awer sëcher sinn, datt en afgehale gëtt.

**V.F.**





# Friedhof Slonsk – Ehrenpforte gestohlen + zertrümmert




**Mme Lydie Polfer**

Ministre des Affaires Etrangères
L-2240 Luxembourg

Madame le Ministre,

Le 30 janvier 1995 il y avait 50 ans que le terrible massacre dans les bâtiments de réclusion de Slonsk (Sonnenburg) a eu lieu et ou furent fusillés 819 prisonniers, parmi lesquels 91 enrôlés de force luxembourgeois.

Notre Fédération n'a pas laissé passer cet anniversaire sans marquer d'un geste visible et durable au cimetière de Slonsk où sont enterrées ces victimes, afin qu'elles ne soient pas oubliées par leur Patrie.

Comme notre Fédération avait déjà fait installer une plaque commémorative au Musée de Slonsk en 1974 et fait construire en 1986 un monument au cimetière de Slonsk, elle a décidé de remplacer en 1995 la porte d'entrée au cimetière par un portail d'honneur. La construction de ce portail fut financée par une souscription nationale, projetée par des artistes polonais et réalisée par des artisans polonais.

L'inauguration officielle a eu lieu le dimanche 30 avril 1995. Au cours de ces cérémonies, la Fédération a remis le portail monumental par un acte de donation aux autorités communales et à la population de Slonsk.

En 2000 ce portail a été abîmé, des pièces en ont été enlevées ainsi que le torse en bronze, se trouvant en haut du monument construit en 1986. Le portail a ensuite été réparé et un nouveau torse placé sur le socle du monument, les frais supportés par les autorités de Varsovie.

Vers la mi-2002 nous avons été informés que le portail en entier a été volé et présenté découpé à un marchand de ferraille. Celui-ci en a informé la gendarmerie et trois des malfaiteurs ont été arrêtés. Ceci nous fut confirmé par les 61 visiteurs luxembourgeois en visite à Slonsk début septembre 2002, auxquelles le maire de Slonsk au cours d'une réception officielle a exprimé ses regrets à ce sujet et promis qu'un nouveau portail y serait placé en 2003 aux frais des autorités de Varsovie.

Nous vous serions très reconnaissants, Madame le Ministre, si notre Ambassadeur à Varsovie pouvait en être informé et suivre cette affaire afin de vous tenir au courant, de même que nous, de son évolution.

Veuillez accepter, Madame le Ministre, l'expression de notre plus haute considération.

Pour le Comité Fédéral

**J.P. Bolmer**
*secrétaire général*

**Jos Weirich**
*président national*

# „Tambower Dag“



*Zahlreiche „Tambower“ sowie deren Familienmitglieder hatten sich zum Gruppenbild vor der Herz-Jesu-Kirche versammelt. Ein ausführlicher Bericht über den Tag der „Tambower“ folgt in N°1 Februar 2003*

# D'Journée vun der Commémoratioun Nationale 2002 an der Gemeng Useldeng

Déi ganz Feierlechkeeten ëm den Nationale Commémoratiounsdag stongen dëst Joer an der Gemeng Useldeng ganz ënnert dem Motto „Damit die Erinnerung nicht verloren geht“ oder och op Lëtzebuergesch „Vergiesst se net ...“.

### 1. Den 10. Oktober zu Rippweiler:

An Zesummenaarbecht mat der Amicale vun den Enrôlés de force (EdF) hat d'Kulturkommissioun fir Donneschdes, den 10. Oktober dëslescht, owes ëm 8 Auer an d'Kierch vu Rippweiler invitéiert, fir do dem Fränz Frising säi Stëmmespill „Vergiesst se net...“ nozelauschteren.

D'Kierch war gutt gefëllt an den Dag och gutt gewielt: Den 10. Oktober war et op den Dag vu virun 61 Joer, wéi d'Lëtzebuerger bei der „Personenbestandsaufnahme“ (am Volleksmond och „Referendum“ genannt), sech selwer trei bloufen. D'Lëtzebuerger wollte keng Preise sinn, an dat hu se kloer zum Ausdrock bruecht!

Virum Stëmmespill huet de Fränz Frising drunn erënnert, datt net nëmme seng Elteren um Kierfecht zu Rippweiler begruewe wären, ma datt och de Pierre Hommel vu Rippweiler, deen an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945, beim Massaker zu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen) ëm d'Liewe koum, e Klassekomerod vun him an der deemoleger Normalschoul war.

Als Introduktioun zum Stëmmespill huet de Fränz Frising een historesche Réckbléck iwwer d'Virgeschicht a besonnesch iwwert d'Geschicht vun eisem Land, vum Mëttelalter un, deenen interesséierten Nolauschterer virgedroen.

Am Stëmmespill huet den Auteur dräi Vulle schwätze gelooss, déi hei an eiser Regioun doheem sinn:

- dem Huer (Habicht oder och Héngerdéif) huet de Fränz Frising seng Stëmm geléint,
- d'Märel (Amsel) huet sech duerch d'Stëmm vum Christiane Medinger-Wampach bemierkbar gemaach an
- duerch de Mond vum Gérard Heitz huet de „Gielemännchen“ (wéi op Lëtzebuergesch d'Goldammer heescht) sech zu Wuert gemellt.

A 14 Biller (Zeenen) hunn d'Stëmme vun de Vullen net nëmmen den Zweete Weltkrich, ma och déi Period vu virdrunn an duerno skizzéiert, esou wéi d'Generatioune vun den EdF se erlieft hunn.

Vun deenen Eeleren hat muncher-een eng Tréin an den Aen, wéi et zum Schluss vun der Zeen nom XI. Opruff beim Huer geheescht huet:

An d'gefaange Jongen ...
't dauert an 't dauert ...
gëtt dat néidegt fir s'ënnerholl ...
a villen Haiser bleift d'Plaz éiweg eidel ...

Mat der Melodie vum Lidd „Un eis Jongen“ gouf u si geduecht.

Musikalesch gouf d'Stëmmespill tëschent deenen eenzelnen Zeene mat gutt gewielte Melodien opgefëllt. Organist war de Carlo Philippe vun Iewerleng.

Et war opgefall, datt vill jonk Leit do waren. Beim Éirewäin hu se sech mat deenen Eeleren iwwer de Krich ënnerhalen.

### 2. Den 13. Oktober bei den Enrôlés de force zu Useldeng:

Deen Dag, wou d'ganzt Land sech un d'Krichsaffer erënnert huet, hat fir d'EdF hei zu Useldeng reng interne Charakter.

No der feierlecher „Ave Spes Nostra“-Mass fir déi verstuerwe Komeroden hat hir Amicale op d'Generalversammlung agelueden.

Si waren net zu vill. Hir Reie ginn ëmmer méi kleng. Eleng dëst Joer hu fënnef vun hire Komerode si fir ëmmer verlooss!

Virun der Gedenkminutt goufe se nach eng Kéier, mat hirem Stierfdatum, opgeruff:

- François Bock, Refraktär,
- Georges Anzia, Grand mutilé de guerre,
- Jean Gonderinger, Refraktär,
- Louis Wiltgen, Refraktär a KZler,
- Nic Traufler, Ëmgesiddelten.

Mat de „Membres survivants“, déi elo an der Majoritéit sinn, huet d'Amicale nach een Effektiv vun 20 Leit.

Fir de verstuerwene Keesserevisor Nic. Traufler z'ersetzen, war d'Michelle Waltzing-Hoffmann d'accord, fir dee Posten z'iwwerhuelen.

### 3. D'Feierlechkeeten am Kader vum 10. November an der Gemeng Useldeng:

Aus organisatoresche Grënn war d'Journée de commémoration nationale an eiser Gemeng op den 10. November verluecht ginn.

Et ass ëm 14 Auer um Site vum fréiere Räicheler Halte ugaang, wou a Präsenz vum Député-maire Camille Gira, de Buergermeeschter Pollo Bodem, zesumme mat dem Gilbert Schmit, President vun de Frënn vun der Atertlinn, eng Gedenktafel enthüllt hunn. Op där Gedenktafel ass net nëmme Rieds vum fréieren „Halte“ vun der Atertlinn mat sengem Gebäi op dëser Plaz, ma och vun der Resistenzlerfamill Kalmes, déi am Krich hei gewunnt huet.

No engem Virwuert vum Buergermeeschter huet bei dëser Geleeënheet de Gilbert Schmit, President vun de Frënn vun der Atertlinn, d'Verdéngschter vun de Famillje Jemp Kalmes-Simon ervirgestrach: Tëschent dem 10. Mee 1940 an dem 10. September 1944 hat déi Familljen am ganzen elef Refraktären, zwee amerikanesch Fliger an eng Famillje verstoppt, déi ëmgesiddelt sollt ginn. Schon am Mee 1940 hat eng jiddesch Familljen do eng Stopp fonnt, ir se sech an d'Frankräich ofsetze konnt.

Uschléissend gouf an der Porkierch zu Useldeng eng feierlech Gedenkmass fir d'Krichsaffer vum Curé Mathieu Janssen zelebréiert.

Virun der Mass konnt de Curé niewent dem Gemengerot den Arméiminister Charel Goerens, déi zwee Deputéierten Nico Loes a Marc Schank, staark Delegatioune vun den EdF, der Association luxembourgeoise des Mutilés de Guerre et Invalides, a vun de Frënn vun der Atertlinn begréissen. Och d'Police grand-ducale war vertrueden.

D'Mass gouf verschéinert vun de „Chorales réunies“ aus der Gemeng. No der halwer Mass hunn d'Solisten Diane Bintner-Hennico a Georges Mertz d'Sonnerie nationale gespillt. Begleet goufen déi zwee Soliste vum Roger Meis op der Uergel.

No der Mass haten d'Pompjeeën aus der Gemeng an déi zwou Museken (Useldeng an Iewerleng) sech beim Monument aux morts virun der Kierch opgestallt, wou de Buergermeeschter zesumme mam Arméiminister an den EdF, ënner de Kläng vun der Sonnerie aux morts, Blummegerben néiergeluecht hunn.

Virdrunn hat de Buergermeeschter un d'Zwangsrekrutéierung an de Streik mat senge schlëmme Repressioune vu viru 60 Joer erënnert.

Bei der Zeremonie beim Monument aux morts hate sech nach d'Deputéierten Emile Calmes a Georges Wohlfart afonnt.

Mat deenen zwou Museken an de Pompjeeën un der Spëtzt ass et dunn am Cortège a Richtung CTU gaang, fir do d'Plaque commémorative „Jean Reiffers“ ze enthüllen.

Ir dat geschitt ass, war de Buergermeeschter frou, fir niewent deene villen Éiregäscht och Vertrieder vun de Famillje Reiffers begréissen ze kënnen. Et waren dat den Albert Reiffers an d'Margot Libens-Reiffers mat hirem Fils, déi drop gehalen hunn, fir bei der Aweiung vum Monument zu Éire vun hirem Mononk derbäi ze sinn.

Och de Chargé de direction Paul Neuberg vum CTU konnt hei begréisst ginn.

An der Gedenkmass fir d'Krichsaffer wousst de Curé a senger Priedegt dat heiten iwwer de Jean Reiffers ze soen:

«Aujourd'hui, les enrôlés de force, les réfractaires et les autorités communales ont voulu expressément honorer et mettre en évidence les mérites d'une personne parmi les plus marquantes de la guerre, c.-à-d. Jean Reiffers. Jean était l'aîné des quatre fils du notaire Reiffers, ministre de l'Intérieur et un des grands politiciens de cette époque. Jean s'était engagé parmi les premiers dans le corps des fusiliers marins des FFL, rattaché plus tard aux commandes britanniques des ‚Royal Marines‘ qui débarquèrent les premiers le 6 juin 1944 à Ouistreham en Normandie. Jean Reiffers était combattant du commando ‚Kieffer‘, composé de 173 Français et quatre Luxembourgeois.

Malheureusement, le 6 juin même, notre ami Jean fut grièvement blessé. Il perdait ainsi une jambe. Jean rentre en Angleterre et de là, il repart pour l'Afrique centrale. Il s'est marié là-bas avec une fille du pays, qui lui donnait un fils qui est malheureusement mort dans un accident de moto.

Jean est mort en 1993 et il fut enterré – ici à Useldange – en présence de la majorité de ses frères d'armes.»

Dee massive Sandsteen aus der Carrière Feidt vun Iernster steet an der Pelouse virum CTU (Centre thérapeutique Useldange).

Nodeem d'Veräiner sech virum Steen an der Iewerlenger Strooss opgestallt haten, hunn den Arméiminister an de Buergermeeschter de roudwäiss-bloe Fändel lues vun deem mächtege Steen erofgezunn, fir domat de Bléck op d'Erënnerungstafel „Jean Reiffers“ fräi ze ginn.

D'Heemecht, déi no deem feierlechen Akt vun deenen zwou Museken intonéiert gouf, huet de patriotesche Charakter vun der Aweiung ënnerstrach.

No dem Buergermeeschter senger Usprooch huet de Georges Reiter, President vun de Mutilés de guerre, d'Wuert ergraff. En huet seng Satisfaktioun zum Ausdrock bruecht, datt elo endlech an eisem Land ee Gedenksteen steet zu Éire vun engem vun deene véier Lëtzebuerger vum Kommando Kieffer, déi de 6. Juni 1944 als „Royal Marines“ an der Normandie u Land gaange sinn.

Duerno ass et am Cortège zréck an de renovéierte Centre culturel gaang, wou de Buergermeeschter a roudwäiss-bloe Bändchen duerchgeschnidden huet an domat de Festsall symbolesch dem kulturellen Duerfliewen erëm zréck ginn huet.

Virum Éirewäin krut de Sekretär vun den EdF d'Wuert fir en etlech Mercië lass ze ginn.

**L.R.**

# In Pace

**D'ENRÔLÉS DE FORCE, SEKTIOUN SCHËFFLENG,**

gedenkt hiren Verstuerwenen
vum Joër 2002.

**Mme L. Hilbert-Roben**

**Etienne Paulus**

**Théo Langers**

**Jean Schroeder**
**Vize-Präsident**

**Mme Maria Schreiner**

---

**Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme, Section Steinsel,**

trauert ëm e gudde Mënsch
a Komerodin

**Gabrielle Reding**

gebuer de 26.8.1920
a verstuerwen
den 21. November 2002.

Gabrielle, deng Komerodinnen
a Komeroden denken
ëmmer un dech.

---

**D'Sectioun EDF Sud/Ouest,**

as am Trauer.

**Jean-Pierre Lahr**
† 28.01.2002

**Emile Schaefers**
† 31.03.2002

**Michel Haas**
† 10.04.2002

**Thérèse Reichling-Mangen**
† 25.09.2002

---

**Sektioun Lëtzebuerg-Stad,**

D'Enrôlés de Force,
Victimes du Nazisme
traueren ëm hir gut
an trei Member, déi
am Joer 2002 verstuerwe sin

**Anne Schon-Kuffer**

**Justine Neumann-Ries**

**Albert Conter**

**Jean Kirsch**

**Lucien Schuman**

**Jean Olinger**

**Gusty Bouvart**

**Charles Ripp**

**Pierre Frieden**

**Gusty Hilbert**

**Albert Hoffmann**

**Florent Molitor**

D'Komerodinnen an d'Komero-
den behale si ëmmer a gudder
Erënnerung a vergiesse si net.

---

**SEKTIOUN RAMBROUCH**

D'Amicale vun den Enrôlés
de Force, Sektioun Rammerech,
ass an Trauer, fir Komeroden
a Frënn déi am Joër 2002
verstuerwe sin.

**Thérèse Janes-Strotz**
**vun Holtz 1/4/2002**

**Camille Mertens**
**vu Rombach-Martelange**
**22/5/2002**

**Nicolas Collignon**
**vu Rammerech 30/7/2002**

Mir wärten ärt Undenken
an Éiren halen.

---

**D'Amicale Enrôlés de Force, Gemeng Monnerech,**

ass am Trauer fir hire Komerod

**François Weber**

1923 – 19.11.2002

Dem Fränz senger Fra, an der
Famill drécke mer heimat en
häerzlechst Bäileed aus.

---

Diddelenger Amicale vun
den Enrôlés de Force
am Trauer
fir hir Verstuerwen.

**Julien Reuter**
**8.2.2002**

**Emile Heintz**
**13.2.2002**

**Norbert Oé**
**21.2.2002**

**Théo Dahm**
**10.3.2002**

**Julien Keller**
**15.4.2002**

**Mme Elise Prim-Daboir**
**13.7.2002**

**Mme Lotty Arnoldy-Kesch**
**17.9.2002**

Zwangsrekrutéiert
an d'Survivants denken
ëmmer un lech.



# Vœux de Nouvel An

*Vill Gléck am neie Joer an eng gutt Gesondheet*

### Comité vun der FÉDÉRATIOUN

WEIRICH Jos, Président, Diddeleng
BOLMER Jim, Nouspelt
CONER Julien, Hesper
FLAMMANG Melanie Mme, Letzebuerg
GRAAFF Victor, Dikrech
GIERSCH Julien, Kënzeg
GRUBER Emile, Lengten
HAMES Jean, Gonnereng
JACOB Bernard, Féngeg
JUNCK Gaston, Dikrech
MELCHER Norbert, Steesel
MICHAELIS Camille, Dippech
OLSEM Emile, Käl
REEFF Josée Mme, Eiter
STEFFEN Jules, Klengbetten

### Conseil d'Administration du MÉMORIAL de la DÉPORTATION

De MUYSER Guy, Président, Lëtzebuerg
WEIRICH Jos, Vice-Président, Diddeleng
KOOB Nic, Vice-Président, Réimech
MOYSE-JACOB Mady, Mme, Vice-Président, Lëtzebuerg
SCHOENTGEN Marc,Secrétaire, Mechelbuch
BOLMER Jim, Nouspelt
DOSTERT Paul, Lëtzebuerg
GALLION Roger, Strossen
GILLARDIN Constant, Lëtzebuerg
GOEBEL Max, Lëtzebuerg
HEIDERSCHEID André, Plankenhaff
HOHENGARTEN André, Itzeg
JACOB Bernard, Féngeg
REEFF Josée Mme, Eiter

### Sektioun BEETEBUERG

BECKER Henri, Beetebuerg
BOUR Roger, Letzebuerg
COLLING Arthur, Beetebuerg
DAVID Henri, Beetebuerg
DAVID-GEHLEN Julie, Mme Beetebuerg
ERPELDING Fernand, Beetebuerg
GERSON Félix, Beetebuerg
GLEIS Paul, Beetebuerg
HAMTIAUX Paul, Mamer
HEINEN Gaston, Houwald
HELMINGER Mme, Närzeng
HELMINGER Roger, Närzeng
HEUSCHLING Fernand, Beetebuerg
HOFFMANN Armand, Helleng
HOFFMANN Mathias, Beetebuerg
JEITZ Fernand, Beetebuerg
JUNCKER Victor, Beetebuerg
KASS Henri, Beetebuerg
KAYSER Ernest, Beetebuerg
KLOOS Charles, Dudelange
LENTZ Marcel, Beetebuerg
LORANG Fernand, Remeleng
MAILLET Leopold, Beetebuerg
NEUMANN Marcel, Beetebuerg
NILLES René, Angelduerf
POLFER Aloyse, Beetebuerg
RODEN Fernand, Lëtzebuerg
RODESCH Alphonse, Beetebuerg
SCHAEFFER Pierre, Bettenduerf
STOOS Charles abbé, Beetebuerg
THEIS Nicolas, Beetebuerg
THILL Jean, Beetebuerg
THOMA Alfred, Beetebuerg
TURPEL Jules, Beetebuerg
WALLERS Roger, Beetebuerg
WEYDERT Alphonse, Beetebuerg
WIRTH Michel, Letzebuerg

### Sektioun BÉIGEN bei Cliärref

AREND Pierre & Mme, Heesdrëf
BARTZ André & Mme, Stackem
BERSCHEID-WINKIN Germaine Mme, Uewerwampech
CANNAR Nicolas & Mme, Nidderwampech
DIEDERICH Henri & Mme, Weicherdang
DIEDERICH MArcek & Mme, Selschend
FELTEN Aloyse & Mme, Weicherdang
GAUL-GILS Cécile Mme, Bruechtebach
GLODE André, Helzen
GOEBEL Pierrem Oelwen
HAAG JEan & Mme, Boxer
HEINZ Mathias & Mme, Déinjen
JACOBS-KOHL Elise Mme, Déinjen
JOHANNS Albert, Wëntger
KEIPES JEan & Mme, Knapphouschent
KERGEN JEan & Mme, Asselbourg
KNAB Joseph, Knapphouschent
KUBORN-SCHON Irma Mme, Béigen
LALLEMAND-BERSCHEID Marguerite Mme, Bruechtebach
LAMBORELLE Jean-Pierre & Mme, Créindel
LAMBORELLE-SCHAUL Suzanne Mme, Béigen
LAMPERTZ-TOUTSCH Suzanne, Helzen
LOMMER Joseph & Mme, Uewerwampech
LUDGEN Théo & Mme, Asselbuer
MALGET-TOUTSCH Berthe Mme, Helzen
MERENS Théo & Mme, Asselbuer
MERSCH Vincent & Mme, Bruechtebach
MUTSCH René & Mme, Stackem
NEU Joseph, Bruechtebach
NOÉ Balthasar & Mme, Houffelt
REDING René, Houffelt
RENCKENS Paul Mme, Helzen
SIMON Joseph & Mme, Nidderwampech
SIMON-HANSEN Alice Mme, Nidderwampech
THILLENS-LOMMER Eleonore Mme, Heesdrëf
THOLL-Counotte Thérèse Mme, Draufelt

### Sektioun BIEKERECH, ELL, RÉIDEN/ATERT

De Comité an d'Membere vun der Sektioun

### Sektioun NORD, CLIÄRREF

BAULESCH-SCHROEDER Jos & Mme, Eselbuer
BERTEMES-KREMER Marie Mme, Cliärref
BINGEN-WAGENER & Mme, Hengescht
BRACONNIER-KREIN Henri & Mme, Cliärref
BRACONNIER-LINDEN Pierre & Mme, Huldang
CALES-SIETZEN Mme, Cliärref
CAPESIUS-GEIBEN Irène Mme, Elwen
DENGLER Hubert & Mme, Wäecherdang
DIEDERICH-NEUMANN H & Mme, Wäicherdang
EILENBECKER Camille & Mme, Hengescht
FOOG-FLICK Alfred & Mme, Wäiswampech
FUCHS-DIFFERDING Marie Mme, Cliärref
GRÜNIG-AUBART Mme, Troisvierges
HAAS Christine Mlle, Hëpperdang
HAAS Martin, Hëpperdang
HEINEN Celine, Mlle, Wäecherdang
HEINEN Melanie Mlle, Wäecherdang
KAILS-LANNERS Louis & Mme, Hëpperdang
KREINS-THIELEN Marcel & Mme, Hëpperdang
LEINER-FOETLER René & Mme, Hengescht
LENTZ-THIELEN Pierre & Mme, Cliärref
MARTELING-BAULESCH Gust & Mme, Cliärref
MASSEN Aloyse, Drénkelt
MEYERS Eugène, Hengescht
MORN-REUTER Jean, Elwen
PETITJEAN-STECKER Joseph & Mme, Eselbuer
PLEGER-FABER Rosa Mme, Lëtzebuerg
SCHLECHTER-HEINEN Marie Mme, Reuler
SCHOLTES-KREMER Mme, Hëpperdang
SCHROEDER-FREICHEL Marie Mme, Lieler
STECKER Georges, Hengescht
THILGES-SCHRANTZ Sophie Mme, Elwen
THOLL-METTENDORF Camille & Mme, Reuler
WAGNER-FREICHEL Pierre & Mme, Cliärref
WILMES-WEBER Lucien & Mme, Cliärref
ZAHNEN Pierre, Huldang

### Sektioun COLMAR-BIERG

BECKER-KERGER Fernande Mme, Colmar-Bierg
BILTGEN-MEYERS Henri & famille, Colmar-Bierg
COLLING-WEBER Juliette Mme, Colmar-Bierg
DIEDERICH-NOESEN Justine Mme, Colmar-Bierg
FELTZ-FUHR Aline Mme, Colmar-Bierg
JACOBS-LEINER Cath. Mme, Colmar-Bierg
KALMUS Léon, Stengefort
KLEIN-KELLEN René & famille, Colmar-Bierg
KOHN-MANNES Bebby Mme, Colmar-Bierg
LEYDER-SCHMIT Willy & famille, Goebelsmühle
MULLER-FISCH Marguerite Mme, Colmar-Bierg
SCHAUL-BRACHMOND J. & fam., Colmar-Bierg
SCHOLTES-ECHTERNACH Mme, Béiwen/Atert
SOISSON-BERCHEM E. & fam., Colmar-Berg
THILL-GRETHEN Cathy Mme, Biissen
WAGNER-SEIL Jean, Kruuchten
WEIS-WATGEN J-Pierre & famille, Colmar-Bierg

### Sektioun DIKRECH „Ons Jongen"

BACHE-STIRN Joseph & Mme, Dikrech
BISSEN-KAYSER J-Pierre & Mme, Reisduerf
BÜCHEL-RECKINGER Nicolas & Mme, Dikrech
CLEES-HOSTERT Joseph & Mme, Dikrech
DAHM-BERGH Mme, Dikrech
ELCHEROTH-WEIS Joseph & Mme, Dikrech
ENSCH-PÜTZ Albert & Mme, Dikrech
ERNZEN-MÜLLER Erny & Mme, Dikrech
GLEIS-TURPEL Albert & Mme, Grooljen
GONIVA-KRANTZ Marcel & Mme, Dikrech
GRAAFF Victor, Dikrech
HAMEN Jean, Dikrech
HEILES Charles, Dikrech
INFALT-PÜNDEL Mme, Dikrech
JUNCK-BOUSSON Gaston & Mme, Dikrech
KREIN-BECK Emile & Mme, Dikrech
LEICK-HOFFMANN Camille & Mme, Reisduerf
LEYDER Nicolas, Schlënnermanescht
LINSTER-SCHMARTZ Robert & Mme, Dikrech
MAGAR-RICAILLE Nicolas & Mme, Gilsdorf
MEDER Joseph, Dikrech
MEIER-THIELEN Alphonse & Mme, Dikrech
MERGEN-NICKELS Robert & Mme, Dikrech
MERTZ François Mme, Ettelbréck
NILLES-KIEFFER Mme, Ettelbréck
PAULUS Triny Mme, Dikrech
POOS Victor, Dikrech
RIES-BAUSTERT Jean & Mme, Dikrech
ROTH-BALES Léon & Mme, Dikrech
STEINBERG-WELTER Mme, Bettenduerf
THEIS-HUBERT Egon & Mme, Dikrech

**Opruf un d'Caissiere vun eise Sektiounen, eis nei Nummer bei de CHEQUES POSTAUX L-1090 Luxembourg**

**Fédération des victimes du nazisme, enrôlées de force IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**
**Association des enrôlés de force, victimes du nazisme IBAN LU88 1111 0313 2490 0000**
**Féd. des enrôlés de force Asbl, Section Hollerich-Gare IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

# Agenda

***17. Januar 2003***
Generalversammlung EDF Sektioun Sud/Ouest zu Uewerkärjëng um 17 Auer an der Béierkescht, 67, rue de Bascharage.

***7. Februar 2003***
Generalversammlung vun den Enrôlés de Force, Sektioun Schëffleng um 15 Auer am Restaurant „Chez Tony", 1, rue des artisans, Schëffleng.

***4. Abrëll 2003***
Generalversammlung vun den Enrôlés de force, Sektioun Stesel.

***12. Abrëll 2003***
Rendez-vous Nijni-Taguil zu Réimech am Hôtel St-Nicolas.

***15. Mee 2003***
Oktavmass vun allen Enrôlés de Force an der Kathedral zu Lëtzebuerg, 11.15 Auer.

***18. Mee 2003***
No der Muttergottesprozessioun géint 16 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmol en Gedenkzeremonie duerch d'Fédératioun an d'Enrôlés de Force, Sektioun Nord-Cliärref.

***25. Mee 2003***
Schlussprozessioun vun der Oktav zu Lëtzebuerg-Stad.

# Sommaire


Cérémonies en souvenir du massacre ........ 2
Wichtige Mitteilung ........ 2
„Nimools vergiessen" ........ 3
Getäuscht wéi ni, enttäuscht wéi ni ........ 4
Eng eemoleg Impressioun ........ 5
Vom Bahnhof zur Gedenkstätte ........ 5
Bech: Konveniat vun de Jonge vu Peenemünde ........ 6
Friedhof Slonsk – Ehrenpforte gestohlen + zertrümmert ........ 7
D'Journée vun der Commémoratioun Nationale 2002 an der Gemeng Useldeng ........ 8
In Pace ........ 10
Vœux de Nouvel An ........ 11
Agenda ........ 16


Redaktiounsschluss fir Nr. 1/2003 ass den 5. Februar 2003. Merci!


**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force,** Association sans but lucratif –
Siège: 34A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**
**Tél.: 48 32 32 – CCP IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 – Dexia-BIL: 5-217/4546**

**Rédaction du bulletin bimestriel:** «Les sacrifiés», c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L-7333 Stesel, Tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: Jules Giersch**
14A, rue de Sélange, L-4965 Clemency, tél.: 50 21 37

**Service social aux enrôlés de force:** 3A, rue de la déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.

**L'Amicale des anciens de Tambow,** secrétariat: L-8378 Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48, tél. 39 60 39

**L'Association des enrôlés de force, victimes du nazisme,**
secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,
boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCPL: IBAN LU88 1111 0313 2940 0000
Tél.: 48 32 32

**Association des survivants des enrôlés de force, a.s.b.l.,** siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.
La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange, tél. 35 00 14

**Impression:** saint-paul luxembourg